

Virwuert

No engem Joer Paus invitéiert d' Stad Gréiwemaacher nees op d' Kréinung vun der Wäikinnigin an hire Prinzessinnen. Den zweete Weekend am September steet esou ganz am Zeeche vun de Wënzer an der Miseler Wäibaukultur. Och wann d' Pandemie d' lescht Joer villes zum Stëllstand bruecht huet, sou huet d' Natur sech dovun net beandrocke gelooss. Déi wonnerschéi Miseler Wéngerte stoungen och dëst Fréijoer nees voll an der Bléi a belounen de Wënzerfamilien hir Aarbecht am Hierscht mat enger gudder Lies.



Sam TANSON
Kulturministesch

D' Maacher Drauwen- a Wäifest ass all Joer d' Geleeënheet, eis dorun ze erënneren, datt eis Méi um Enn vum Dag belount gëtt. Eise beléifte Lëtzebuerger Wäin a Crémant ass d' Resultat vun enger haarder Aarbecht, déi d' Wënzer am Wandel vun de Saisone leeschten, an dat ganz am Aklang esouwuel mat der Traditioun wéi och mat der Innovatioun. Esou stinn dës lokal Produiten net nëmme fir eng exzellent Aarbecht, déi sech stänneg den neien Ufuerderunge vum Secteur stellt, mee gläichzäiteg och fir eis Miseler Traditiounen, déi e feste Bestanddeel vun eiser nationaler Kultur a Geschicht sinn. De regionale Patrimoine an eist Wëssen doriwwer, dat mir iwwe déi lescht Joerzénge gesammelt an opgeschafft hunn, gëtt op dësem Weekend besonnesch a Valeur gesat a gefeiert.

Fir déi 71. Oplö vun dësem wichtege Miseler Fest, dat wéi gewinnt Grouss a Kleng beieneebréngt, wënschen ech dem Organisationscomité esou wéi der Wäikinnigin Lee an hire Prinzessin vill Erfolleg. An Zäiten, an deenen d' Zesummekomme vun de Bierger net esou einfach garantéiert ass, ass et ëmsou méi wichteg, de Biergerinnen a Bierger d' Méiglechkeet ze ginn, sech an engem sécheren a gesellege Kader erëmzefannen. Grad haut ass de sozialen Zesammenhalt vu grousser Bedeitung a kann eis hëllef, dës méi ongewëss Zäit gemeinsam ze iwwebrécken.